N°561
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°561 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Bewertung vun de Karriäre bei der Police"**

Am Koalitiounsaccord steet op der Säit 112 geschriwwen:

*„Une analyse approfondie de toutes les carrières au sein de la Police grand-ducale sera effectuée. L'objectif est notamment de respecter les récents arrêts de la Cour constitutionnelle et de la Cour administrative concernant les carrières B1 et C1. La carrière A2 sera plus clairement définie."*

Wéi schonn op d'Question orale Nr. 48 vum 12. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser an der Séance plénière vun der Chamber geäntwert, hält d'Regierung sech un dat, wat am Koalitiounsaccord ofgemaach ass an orientéiert sech un de genannte Geriichtsurteeler. Dat Engagement, wat d'Regierung geholl huet, wäert se och an deem Kader respektéieren.

Déi entspriechend Échangen tëschent mengem Ministère an dem Ministère fir d'Fonction publique sinn aktuell amgaangen. Esou war beispillsweis de 19. Februar eng Reunioun, un där de Minister fir d'Fonction publique an ech selwer deelgeholl hunn. Doriwwer eraus hunn 2 weider Reuniounen – den 12. Januar an den 8. Mäerz – stattfonnt, bei deenen déi 2 concernéiert Ministèren duerch hir respektiv Beamten, déi fir den den Dossier zoustänneg sinn, vertruede waren.

Zur Zäit ginn d'Modalitéiten analyséiert, an de Käschtepunkt gëtt erstallt.

Niewent den interministerielle Gespréicher hat ech de 4. Abrëll eng konstruktiv Entrevue mat dem „Syndicat National de la Police grand-ducale Luxembourg" (SNPGL) respektiv der „Association du personnel policier détenteur d'un Diplôme de fin d'Etudes Secondaires de la Police grand-ducale" (ADESP).

Lëtzebuerg, den 02. Mee 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN